
# Schonn ee Joer !
# Nico Steffen   2.6.1960 - 1.2.2023



Den éischte Februar 2023 huet de Steffen's Nico eis verlooss (d'Annonce war awer eréischt laang dono an der Zeitung).
Den Nico huet an der zweeter Halschent vun den 1980er Joeren als Leefer an der Fola ugefaang. Am Training huet hien direkt eis Laangstreckler béis gestriizt. Leider huet eng al, schlecht geheelt Futtball-Verletzung hien ëmmer erëm ausgebremst, sou datt hie säi Potential ni ganz richteg ëmsetze konnt.
1993 war de Steffen's Nico Landesmeeschter iwwer 10·000 m an 31'54"64. An de Beschteléschte steet hie mat 8'52"06 iwwer 3000 m (1993), 15'09"31 iwwer 5000 m (1993) an 31'44"39 iwwer 10·000 m (1988).
Als Trainer an engem Fitness-Center hat den Nico och de Verdéngscht, de Kraafttraining am C. A. Fola ze populariséieren.

G.K.